ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2020

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- de Lëtzebuerger Rentesystem op engem System berout, an deem ëmmer méi Salariéen néideg si fir deene pensionéierte Leit hir Renten ze finanzéieren an datt d'Ofsécherung vun de Renten dowéinst vun engem permanenten ekonomesche Wuesstem ofhängeg ass;

ass sech bewosst, datt

- et dréngend néideg ass, am Interessi vun der laangfristeger Ofsécherung vun de Renten, datt den aktuelle System iwwerpréift, diskutéiert a, wann néideg, reforméiert gëtt;
- méiglechst fréizäiteg Adaptatioune vum System et missten erméiglechen, datt eng sënnvoll Reform keng materiell Abousse fir déi pensionéiert Leit géing bedeiten;

fuerdert d'Regierung op,

- e „Rentendësch" anzeberuffen an en ëmfaassenden Audit vum Rentesystem an Optrag ze ginn, fir eng Reform vum Rentesystem am Sënn vu senger laangfristeger Ofsécherung ze erméiglechen.